



N° 5158
Reçue le 28.10.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 28.10.2021

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/10/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bildung & Gesondheet weiderzeleeden.

Am Fall wou eng Persoun a Quarantän muss, gëllt des Quarantän 7 Deeg, falls d'Testresultat vum 6 Dag negativ war. Am Normalfall dierfen déi Betraffen hiert Doheem net verloossen. Am Fall wou den Direkter vun der Santé awer eng Autorisation de sortie ausstellt, gëtt et Ausnamen.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wat sinn d'Bedingunge vun enger Autorisatioun fir d' Sortie?
2. Muss all betraffe Persoun selwer eng Demande fir eng Autorisation de sortie areschen oder gëtt dës och d'office u verschidde Persounen ausgestallt?
3. Wéi ass dëst bei Enseignante gehandhaabt? Wéi bei de Schüler?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député





Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheitsministesch an dem Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 5158 vum 28. Oktober 2021 vum honorabelen Députéierten Här Sven Clement.

1. Wat sinn d'Bedingunge vun enger Autorisatioun fir d'Sortie?

Eng Autorisation de Sortie an enger Quarantän kann een nëmmen kréien wann een eng Demande iwwert de recours-covid@ms.etat.lu mécht an dëst och just fir eng Visite médicale. Falls en medezineschen Noutfall virläit brauch een keng Autorisation de Sortie.

Fir Schüler ginn et donieft nach spezifesch Dispositiounen déi ënnert der Fro 3. am Detail beschriwwen ginn.

2. Muss all betrafte Persoun selwer eng Demande fir eng Autorisation de Sortie areschen oder gëtt dës och d'office u verschidde Persounen ausgestallt?

Jiddereen muss selwer eng Demande fir d'Autorisation de Sortie maachen.

Fir Schüler ginn et donieft nach spezifesch Dispositiounen déi ënnert der Fro 3. am Detail beschriwwen ginn.

3. Wéi ass dëst bei Enseignante gehandhaabt? Wéi bei de Schüler?

D'Enseignanten kréien eng Autorisation de Sortie ënnert deene selwechten Konditiounen wéi all aner Bierger am Fall vun enger Visite médicale. Fir d'Enseignanten gëtt et doriwwer eraus kee spezielle Regime spezifesch fir d'Schoul. Och fir d'Schüler gëtt et d'Méiglechkeet vun enger Autorisation de Sortie fir eng Visite médicale. Donieft kréie Schüler am Kader vun engem Szenario 1 oder engem Szenario 2 mat hirer Ordonnance de Quarantaine eng "dérogation école" déi et hinnen erlaabt um Präsenzunterricht deelzehuelen an an d'Maison Relais ze goen, dëst ënnert der Bedingung, datt si un engem sougenannten "testing renforcé" deelhuele, d. h. all 48 Stonnen e Schnelltest an der Schoul duerchféieren an e PCR-Test nom 6. Dag maachen. Et sief präziséiert, datt just net geimpfte Persounen a Quarantaine gesat ginn.

Lëtzebuerg, den 24. November 2021

D'Gesondheetministesch

(s.) Paulette Lenert